



N°5999  
Reçue le 30.03.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, 30.03.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/03/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro Nr°5749 vum 11te Februar 2022 hunn ech mech iwwert déi nei Acquisitioun bei der Police informéiert.

An der Äntwert vum Ministère gouf iwwert d'Elektromobilitéit, den CO2-Ausstouss an déi zousätzlech bestallten Optionen Auskunfft ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Euro huet de Ministère säit 2017 pro Joer an d'Elektromobilitéit investéiert?  
Wéi stinn des Investitiounen prozentual zum Total vun de järelechen Depensen?
2. Firwat sinn nëmme 30% vun de Kommissariater mat Elektrobornen equipéiert?
3. Gëtt et ee konkrete Plang bei der Police, wéi een ee méi héijen Taux un Elektrobornen an noer Zukunft realiséiert?  
Wann jo, bei wéi vill Prozent géing deen Taux béi Erfëllung vum Plang léien a bis wéini? Wéi vill Schnelluetstatiounen falen hei drënner?
4. Wéi vill Autoen (opgelëscht no EURO Norm) ëmfaasst déi gesamt Policeflott?  
Wéi vill dovunner sinn elektresch Autoen?  
Wéi vill vun den elektreschen Autoen hunn eng Leeschtung vu manner wéi 18kWh a wéi vill vu méi wéi 18kWh?
5. Wéi vill CO2-Emissiounen kéint pro Joer duerch d'Ersetzen vun de 96 EURO 5 Norm Autoen duerch d'EURO 6 Norm Autoen agespuert ginn?  
Wéi vill CO2-Emissiounen verursaacht déi ganz Policeflott pro Joer?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)